LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Finances

# Entlaaschtungs-Pak

## Zesummen. Zukunft. Fir Jiddereen

## (17. Juli 2024)

**I. Moossname fir d'Leit**

**1.1. Weider Upassung vun der Steiertabell un den Index**

- ➔ Berengegung vun 2,5 Index-Tranchë vum 1. Januar 2025 un
- ➔ 6,5 vun 8 Index-Tranchë sinn domadder berengegt

**1.2. Méi gënschteg Recheformel fir Elengerzéier, Wittleit a Leit iwwer 64 Joer**

- ➔ De Montant vun der steierbefreiter Tranche klëmmt vu 24.876 Euro op 26.460 Euro duerch d'Inflatiounsberengegung
- ➔ Doriwweraus Upassung vun der Berechnungsformel vum Tarif an der Steierklass 1a fir zousätzlech Entlaaschtung

**1.3. Méi héije Steierkredit fir Elengerzéier (*crédit d'impôt monoparental*)**

- ➔ Steierkredit klëmmt vun 2.505 Euro op 3.504 Euro

**1.4. Méi héije Steierofschlag fir aussergewéinlech Belaaschtunge fir Kanner, déi net am Stot liewen (*abattement pour charges extraordinaires*)**

- ➔ Steierofschlag klëmmt vu 4.422 Euro op 5.424 Euro

**1.5. Net-qualifizéierte Mindestloun gëtt fir all Steierklasse steierfräi**

- ➔ Duerch méi een héije Steierkredit

**1.6. Méi Scholdzënsen ofsetze bei Kaf vun enger bestoender Wunneng**

- ➔ Och am Fall vun Iwwerbréckungskreditter (crédit-relais)
- ➔ Vum Steierjoer 2024 u kënnen dës Scholdzënsen integral ofgesat gi fir d'Joer vum Wunnengskaf an dat Joer duerno
- ➔ 4 Joer duerno kann een nach 4.000 Euro ofsetzen
- ➔ Duerno gëllen d'Plaffonge vun 3.000 Euro an 2.000 Euro

**II. Moossname fir eis Wirtschaft**

**Manner Steiere fir Talenter/Expats/Jonker**

**2.1. D'Bedeelegungs-Primm (*prime participative*) geet erop**

- ➔ Vu 25% op 30% vum Brutto-Joresloun
- ➔ Betrib ka 7,5% amplaz 5% vum (positiv) Resultat vum Virjoer verdeelen
- ➔ Zilsetzung: Mataarbechter fideliséieren

**2.2. Manner Steiere fir Talenter/Expats (*régime d'impatrié*)**

- ➔ 50% vum Brutto steierfräi, dëst bis zu engem Plaffong vu 400.000 Euro Joresloun
- ➔ Zilsetzung: Talenter an aner héich spezialiséiert Profiller unzéien

### 2.3. Nei Prime fir Jonker ënner 30 Joer

- ➔ Prime ass zu 75% steierfräi
- ➔ Prime vun 2.500 bis 5.000 Euro jee no Bruttoloun
- ➔ Zilsetzung: déi Jonk beim Start an d'Beruffsliewen ënnerstëtzen (änlech gelagert wéi d'Prime locative)

### 2.4. Steierkredit fir Iwwerstonne fir Grenzgänger

- ➔ Fir geleeschten a bezuelten Iwwerstonnen
- ➔ Maximale Montant vu 700 Euro d'Joer

## Manner Steiere fir d'Betriber an Entrepreneuren

### 2.5. Manner Kierperschaftssteier fir Betriber

- ➔ Kierperschaftssteier-Saz geet vu 17% op 16% erof
- ➔ Globalen Taux geet vu 24,94% op 23,87% rof

### 2.6. Manner Kierperschaftssteier fir kleng Betriber

- ➔ Kierperschaftssteier-Saz geet vu 15% op 14% erof
- ➔ Globalen Taux geet vun 22,80% op 21,73% rof

## Manner Steiere fir d'Finanzplaz

### 2.7. Keng Taxe d'abonnement fir Bourse-Fongen, déi d'Aktien-Entwécklung global kucken (ETF)

- ➔ Keng Taxe d'abonnement och fir aktiv geréiert ETFs

## III. Weider Moossnamen

### 3.1. Upassung vun der Zëns-Barrière

- ➔ Verdéiwung vu Kapitalmaart-Unioun

### 3.2. Rechtssécherheet fir Verwaltungsgesellschafte fir Familljeverméigen (SPF)

- ➔ Upassung vum Gesetz fir Abusen ze vermeiden

### 3.3. Begleetcomité fir d'Steierverwaltung

- ➔ Ënnerstëtzung vum Steierdirekter bei der Modernisatioun an Digitalisatioun

## IV. Volume vum Gesamt-Pak

Ronn eng hallef Milliard Euro (535 Milliounen Euro)